Lëtzebuerg, den 8.o9.1985

Léiw Elteren a Familien vun onsen ongléckleche Komerodinnen a Komeroden
dénen mir haut gedenken,
Dir Dammen an dir Hären,
Wärt Frënn a Sympatisanten vun den edf,
Komerodinnen a Komeroden,

D'lëscht Joer hu mir den 4o. Anniversaire vun der Befreiung vun onsem Land gefeiert. Virun 4o Joer hat also eng schrecklech Zeit fir Lëtzebuerg hirt Enn fond. Bal 4 Joer lang wär d'Freiheet aus onser Hémecht verbannt ~~gin~~. Naziterror, an Naziherrschaft hun onvergieslech Wonnen an onsen Vollékskierper geschloen. Dausende waren verschléft ~~gin~~, Dausende si gefoltert a gemuert gin an Dausende hun hir Hémecht nie méi erem gesin. Aner krank a mutilléiert!
Dofir kont och d'Fréd iwert d'Befreiung an de Septemberdég vun 1944 nët ongedréift sin. Dausende vun déne beschte Lëtzebuerger hun nach heihém gefehlt. Vu ville wosste mir, dass sie hir Hémecht nie méi lieweg erem gesichen. Vu villen war hirt Schicksaal nach ongewëss. An Emsiedlungslageren, a Prisongen, a Kazetter, a Gefangenelageren an un de Krichsfronten waren nach dausende vu Lëtzebuerger mat brutaler Gewalt zeréckgehalen. Awer och ob alliéierter Seit, am Maquis, an der Armee Blanche stungen nach Lëtzebuerger, am Asatz fir d'Befreiung vun weider Gebidder an Europa vum Nazijoch.

Den 8. Mee 1945, also dest Joer virun 4o Joer war et dunn endlech esou weit. Nazideitschland huet kapituléiert. No an no waren a sin d'Lëtzebuerger aus der Emsiedlung, Kazetter a Prisongen hém kom. Och fir d'Zwangsrekrutéiert déi nach nët heihém waren hat é gemengt wär elo hire Calvaire endlech um Enn. Awer leider war dat nët de Fall, a mat der Gefangschaft ass eng nei Episode vun hirer Verschléfung ugangen. Entbierungen, Ennerernärung, Krankhéten an Hémwéi hun d'Moral an d'Gesondhét stark a schnell deziméiert. A vill vun dénen, déi d'Front an d'Kapitulatioun erliewt hun, konnten awer hir Hémecht nie méi erem gesin.

An haut, 4o Joer no dem "retour au sein de la Communauté Nationale", bleiwen ~~an~~ d'Antwerten op vill Froen opstoen. Fir wat gouwen ons verschléffte Jongen net méi schnell rapatriéiert? Firwat ass vun offzieller Seit nët méi ennerholl gin an nët mat méi Nodrock op de Repatriement gedrängt gin? Ware mir vun Londen aus nët opgefuerdert gin iwer ze lafen? An och elo wou et komplett Schluss war mat der Militärescher Ausernanersetzung hun d'edf nach Méintelang jo verschidden Joerelang ennert onmenschleche Bedingungen op den Hémtransport misse warden.

D'Elteren vun den vermësste Médercher a Jongen hu missen a perséinlechen Demarchen a Versammlungen, a Minifestatiounen a mat Protester op d'Recherchen an d'Hémféieren drängen. D'Ligue "Ons Jongen" huet missen gegrënt gin an hiren égenen Service de Rapatriement op d'Bén setzen. Och Schreiwen un an Audiencen bei der Grande-Duchesse Charlotte sollten

duerzou beidroen Norichten iwert d'Schicksaal vun de Vermëssten an hirt Hémhuelen ze bescheinegen. A jhust bei der Grande-Duchesse Charlotte hun d'Elteren an d'Familien dat méschte Verstennes a Matgefill fond. Sie huet och hir Autoritéit geltend gemat a a perséinleche Schreiwen un de Stalin em de Rapatirement vun de Lëtzebuerger Jongen gebieden. Sie, d'Mam vun allen Lëtzebuerger hat och hir Jongen nët vergiess an duerch hirt perséinlecht Engagement den Elteren Trouscht gin a gehollef. Ons Courage gemat fir esou schnell wéi méiglech ons Komeroden hémzekréien. Et ass dofir och nët vun ongeféiert, dass ons Fédératioun sech hirer Verpflichtung an hirem Dankgefill bewosst wat an ouhni Zeit ze verléieren den Ustouss gin huet fir no hirem Ofliewen e Monument ze setzen wat den Dank vun alle gudde Lëtzebuerger ausdrécke soll. Scho kann den allergréissten Deel vun den Elteren vun onsen ongléckleche KOmerodinnen a Komeroden sech nët méi un desem symbolesche Merci bedélegen. Och vill vun onser Generatioun kennen nët méi aktif mathëllefen. Ons Generatioun an ons Elteren konnten also keng Zeit méi verléieren fir hir Dankesschold ofzedroen. Mir begréissen dofir och ganz besonnesch d' Decisioun vun onser Regierung d'Réalisatioun vun desem Monument fir d'Grande-Duchesse Charlotte direkt an Ugreff ze huelen a versecheren hir ons aktif Ennerstetzung.

Wëll dir Damen an dir Hären, Mir all, esouwuel déi direkt Bedeelegt wéi ons Nofolger a wéi déi kommend Generatiounen diefen all déi Affer déi déi vill Lëtzebuerger fir hir Hémecht, fir d'Befreiung vun hirem Land bruecht hun nët vergiessen. Fir dass sie nët vergiess gin dofir sti mir haut hei. Fir ze weisen, dass hirt Undenken nët an de Vergies geroden ass, dofir si dir alleguerten haut heihinner komm. An dofir soen ech iech am Numm vu méngen Komerodinnen a Komeroden aus den Zentralkomitéen en déiwste Merci fir är Présenz hei.

Merci dem Här Staatsminsiter, dén duerch en Auslandsopenthalt verhennert ass, awer offiziel den Här Minister Spautz als sein Vertrieder heininner délégéiert huet. Natirlech och dem Här Minister Jean Spautz perséinlech Merci fir sein Délhuelen.

Dé selveschte Merci och un d'Ministeren

Och dem Här Erzbeschhof Jean Hengen, dén haut vir emol net kann kommen, e wärmste Merci, fir all séng Participatiounen un onsen Erennerungsfeieren a séng Mathöllef bei dén verschiddenen Commeorationsceramonien.

Iech all, Volleksvertrieder, staatlech a gemengen Autoritéiten, hir Vertrieder, Hannerbliewen vun onsen Affer, Komerodinnen a Komeroden en allerdéifste Merci am Numm vun allen edf, fir är Prësenz a är Sympatieerweisung.

Naziherrschaft octroyéiert krut nët an der Vergiess geréit, virun allem losst mer mathellefen, dass sech dat nët nach eng Kéier widerhëllt, och net an enger ähnlecher Form oder an enger Form déi déi selvescht Konsequenzen géiw bréngen. Et ass ons Aufgab mat onser Participatioun un deser an un ähnlechen Erennerungsfeieren dozo beizedroen, ze erënneren, ze warnen an ons Nokommen a Jugend vun haut drop opmierksam ze machen, dass Wuechsamkéét noutwendeg ass an dass et gëllt ze wieren éer et ze spéid ass.

Mir dierfen ons de Vierworf nët léschten aus der Vergangenhét nët geléiert ze hun, an ons aus Bequemlechkét aschléiferen ze lossen.

Haut hu mir, all wéi mir hei stinn, ons Pflicht gemat. Onst Verspriechen ageléist genau wéi an de vergangene Joeren. Mir hun onse Kanner, Geschwester, Fra, Mam, Komerodin a Komerod déi hirt Liewe fir d'Hémecht gin hun bewiesen dass mir sie nët vergiess hun. An esou lang mir liewen soll d'Undenken un hir Affer och nët duerch ons an de Vergiess kommen. Dat ass de Sënn an den Zweck vun der Journée Commémorative vun den edf. Merci.

2a

→ Merci awer och all denen déi ons an der Vergaangenheet, wéi och dest Joer, gehollef hun des Journée mat der néideger Dignitéit ze begoen. Esou der Amicale vun der Militär Musek ennert der Leedung vum Komerod Josy Cornes

Merci der Gendarmerie a Polizei – der Press, Radio an Televisioun.

– Merci onse geeschtleche Komeroden déi ëmmer bereet sin onse Gedenkfeieren de kirchleche Karakter am Geescht an am Sënn vun onse Verstuewenen ze gin.

– Merci och och ganz speziel dest Joer onser Chorale de edf, dese 40 Komeroden déi spontan bereet waren d'Mass an der Herz-Jesus Kirch ze sangen. Hu net nëmmen Merci, mä och ons Felicitatiounen.

Dir Dammen an dir Hären,

Mir all hun eng Aufgab: Déi net ze vergiessen déi hirt Liewen an hir Gesendhét fir d'Hémecht gin hun. Mir hun des Aufgab haut heimadden erfëllt.

Losst mer ons nt découragéiere lossen, duerch déi, déi haut hei fehlen: Losste mir och nach méi wéi 4o Joer dono mathëllefen dass dé Calvaire dén ons Generatioun duerch eng

Chers amis malgré-nous et sympatisans,

Au nom des ødf luxembourgeois, leurs amis et sympatisans je tiens à vous remercier très sincèrement pour votre participation à notre journée commémorative.

Par votre présence vous avez rappelé et souligné les liens d'amitié qui unissent les victimes du nazisme, enrôlées de force, au delà des frontières ayant souffert sous un même oppresseur.

Que nos efforts communs s'unissent en ce 40ième anniversaire du Retour au sein de la communauté nationale, pour contribuer à ce que le calvaire que nos générations ont du subir ne se reproduise plus et que les générations montantes peuvent se développer dans la paix et la liberté.

Ce ne sera que dans cette optique que le sacrifice de nos Morts pour la Patrie, dont nous commémorons aujourd'hui le souvenir, sera récompensé.